Tower of London

Geographesch Koordinaten:
55° 30’ 29” N 0° 4’ 33” W (http://tools.wmflabs.org/geohack/geohack.php?language=de&params=55_30_29_N_0_4_33_W_{{{9}}})

Vue aus der Loft

Her Majesty’s Royal Palace and Fortress the Tower of London ass e befestegte Komplex vu Gebaier um Ufer vun der Themse, um südleche Wupp vun der City of London. Et handelt sech ëm eng Rankbuerg mat zwéi Festungsréng. Iwwert d'Joerhonnerten huet se den engleschen a brittesche Kinneken ënner anerem als Residenz, Armurerie, Atelier, Lager, Zoo, Garnisoun, Musée, Plaz wou Mënz geklappt gouf, Prisong, Archiv an Exekutiounsplaz gedingt. Den Tower gëtt schonns zanter 600 Joer vun Touriste besicht. Et ass déi Attraktioun (woufir ee bezuele muss) mat de meeschte Visiteuren am Vereenegte Kinnekräich (iwwer 2,5 Milliounen 2011).

Plang

Den Tower gouf am 11. Joerhonnert vum William den Eruewerer als Festung géint potentiell feindséileg Bierger vu London opriichte gelooss. Bis den James I. hunn all englesch Kinneken den Tower als zäitweileg Residenz benotzt. En ass dann och, duerch seng enk Verbindunge mat der Monarchie, enk mat der brittescher Geschichte verbunden. D'Befestegungsmaueren an d'Tierm sinn aus dem Mëttelalter. An de Joerhonnerten dono goufe bannent de Maueren ëmmer nees Gebaier ëm- oder ugebaut. Am 19. Joerhonnert goufen, am Goût vun der Zäit, d'Maueren an d'Tierm am neigotesche Stil nei opgeriicht, a verschidde Gebaier oder Deeler dovun ofgerappt.

Haut kann een am Tower eng Ausstellung kucken iwwer seng Geschicht, eng Kollektioun vun de Royal Armouries, d'Brittesch Krounbijouen, d'Haaptquartéier an de Musée vum Royal Regiment of Fusiliers, Wunnenge vun de Yeoman Warders souwéi administrativ a Büroraim. D'Board of Ordnance, d'Royal Mint, den Ordnance Survey, de Royal Observatory, d'Public Record Office an de London Zoo hunn all eemol am Tower ugefaangen.

Eng Abberzuel Theaterstécker a Romaner spillen am Tower, vum Shakespeare bis den Edgar Wallace. Am 19. Joerhonnert gouf den Tower dacks als Prisong duergestallt.

Den Tower gehéiert der brittescher Kroun a gëtt vun den Historic Royal Palaces géréiert.

1988 huet d'UNESCO den Tower zu der Weltkulturierfschaft deklaréiert.

Um Spaweck

Commons: Tower of London – Biller, Videoen oder Audiodateien

- Offiziell Websäit (https://www.hrp.org.uk/tower-of-london/#gs.h8u3ucA)

Vun „https://lb.wikipedia.org/w/index.php?title=Tower_of_London&oldid=2240047“

Dës Säit gouf de(n) 10. Dezember 2019 um 11:02 Auer fir d'lescht geännert.

Ofruffstatistik

Den Text ass disponibel ënner der Creative Commons Attribution/Share-Alike Lizenz; zousätzlech Bedingunge kënnen applicabel sinn. Kuckt Benotzungsbedingunge fir méi Detailer.